

Action Catholique des Femmes au Luxembourg

# 505 Euro fir d'Psychiatrie vum CHEM

RTL | Update: 04.04.2025 09:29



## D'Schreiwes vum Centre Hospitalier Emile Mayrisch

### 505 Euro fir d'Psychiatrie vum CHEM

D'Action Catholique des Femmes du Luxembourg (ACFL) a.s.b.l. huet 505 Euro fir de CHEM gesammelt. Dëst Joer keeft d'Psychiatrie mat dësem Don Material fir hir Bastelatelierë mat de Patientinnen.

Schon zanter dräi Joer bastelt d'Psychiatrie Häerzkëssen fir Patientinnen an der Onkologie. Dës Këssen aus Stoff a Kotteng sinn un d'Form vum Ënnerarm ugepasst.

*Hir Positioun reduzéiert Péng, déi mat der Broschkriibschirurgie verbonne ass, an hir Häerzform ass eng moralesch Ënnerstëtzung.*

*Den Atelier erlaabt de psychiatresche Patienten, sech nützlich ze fillen, an enger Zäit, wou d'Pfleeg ëm sech selwer eng Erausfuerderung ass. D'Participatioun an engem Projet fir de gudden Zweck stäerkt hir Selbstschätzung a mécht se houfreg. Dacks verbannen si hiert selwer gebastelt Këssen emotional mat enger Fra an hirem Ëmfeld, déi vu Broschkriibs betraff ass oder war. Dëse Lien bréngt eng emotional Intensitéit an de Grupp an d'Këssen si mat vill positiver Energie gefëllt.*

